N° 7599
Entrée le 15.02.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 15.02.2023

PIRATEN
SENSIBILITĒ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 15/02/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Mobilitéit weiderzeleeden.**

De 7ten Januar 2022 gouf an der Chamber d'Gesetz fir eenheetlech Krittäre fir een Handicapgerechten Accès zu Gebaier an der Voie publique gestëmmt. Esou mussen och Leit mat reduzéierter Mobilitéit kënnen Accès zu ëffentleche Gebaier a Servicer hunn, dorënner och Garen. Hei muss all Kéiers op mannst een Accès zum Service geschafe ginn. An de Garen wier dat zum Beispill een Lift deen den Accès zu de Quaien erméiglecht.

Zu Rolleng op der Gare gëtt et een Lift, mee deen ass am Moment ausser Betrib, wat dozou féiert, dass d'Leit mat Kutschen, am Rollstull oder soss mobilitéitsméisseg ageschränkt net op de Quai kommen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi eng Garë si scho konform zum neien Accessibilitéitsgesetz ?

2. Wéi eng Garen hunn deelweis d'Krittäre vum neien Accessibilitéitsgesetz schonn ëmgesat (opgelëscht no Gare, Aarbechten déi nach musse gemaach ginn an Zäitplang)?

3. Wéi eng Garen erfëllen nach kee vun de Krittäre vum neie Gesetz (opgelëscht no Gare, Aarbechten déi nach musse gemaach ginn an Zäitplang)?

4. Wéini wäert de Lift zu Rolleng gefleckt sinn?

5. Wéi laang ass de Lift schonn ausser Betrib?

6. Wéi ginn d'Passagéier driwwer informéiert, dass de Lift an enger Gare net geet wann se mam Zuch ënnerwee sinn?

7. Gëtt d'Personal vum CFL heiriwwer informéiert?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten